Léift Léierpersonal,

De Science Festival Workshop **“Looss dech net täuschen!”** gëtt iwwer d’Plattform **Zoom** ugebueden.

Zougang zum Workshop

ID de réunion : 824 3426 2481 **Code secret :** 599238
https://us02web.zoom.us/j/82434262481?pwd=WTFLR21zZFUxMTZmZXN2NnRmTTJpZz09

WICHTEG!
DAT HEI MISST DIR AM VIRFELD VIRBEREEDEN!

Kuckt dofir eise klenge Video op YouTube andeems dir op folgende Link klickt oder de QR-Code scannt:
https://www.youtube.com/playlist?list=PLOnIWIyy07xHqBvsAX9iHys65jCbCDF-j

Dir fannt d’Info aus dem Video och nach eng Kéier hei drënner an Textform.

- **ENSEIGNANT**
  - **Enveloppe** fir d’Schüler **preparéieren:**
    - **Print duerfir w.e.g. fir all Schüler** d’Säiten 2 an 3 vun dësem Dokument wa méiglech op **wäisse** Pabeier eraus.
    - Schneit dann déi eenzel Biller um grénge Strëch eraus.
    - **Maacht se an eng A5-Enveloppe a pecht d’Etikett “Post vum Professer Illu SIOUN” vir drop. Schreift den Numm vum Kand op d’Etikett, sou dass all Schüler seng personaliséiert Enveloppe huet**. Pecht d’Enveloppe w.e.g. net zou soss verléieren d’Schüler ze vill Zäit fir se opzemaachen.
    - **Deelt w.e.g. d’Enveloppe 10 Minutte virum Workshop un d’Schüler aus** a preziséiert, dass si se eréischt opmaachen dierfen wa si wärend dem Workshop dozou opgefuerdert ginn.

  - **Fakultativ:** e **GSM** mat der Méiglechkeet fir en SMS ze schécken derbäi hunn.
- **KLASSESALL**
  - **Computer** mat **Beamer** (oder grouss Televisioun) an Internetuschloss preparéieren a sech op mannst **15 Minutte virum Ufank** vum Workshop an de Zoom-Workshop **aloggen.** Maacht w.e.g. **d’Fënster vu Zoom op “Fullscreen”** a verréckelt wann néideg d’Fënster mat de Participanten esou, dass se d’Bild net verdeckt. Projezéiert de Workshop am Klassesall. Falls d’Verbindung wärend dem Workshop sollt ofbriechen, da loggt iech einfach nach eng Kéier mat de selwechten Donnéen an.

  - **Fakultativ:** eng **Webcam** (déi a Richtung Klass geriicht ass) an e **Mikro uschléissen**. Zum Schluss vum Workshop, hunn d’Kanner d’Méiglechkeet live op Froen ze äntweren (Säit 5 vun dësem PDF). Wann ee Schüler aus ärer Klass dozou bereet ass, da musst dir eis zu deem Zäitpunkt en SMS schreiwen a mir wielen dann eng Klass eraus aus där zum Schluss ee Schüler ka LIVE schwätzen.
- **SCHÜLER:**
  - **roude, bloen a gréngen Tuschbic** an e **wäisst Blat Pabeier** prett hunn.

Merci fir är Hëllef,
Aline a Patrick
Bei Froen Email op afischer@mnhn.lu oder op pdelhalt@mnhn.lu

Schneit w.e.g folgend Biller jeeweils um **grénge Stréch** aus



Diebelt w.e.g. de **rietsen** Deel an de **lénksen** Deel vum Bild **op der Linn 1** resp. **2 no hannen. Diebelt** dann d'Blat op der **Linn 3** zesummen.



Schneit w.e.g. d'Biller mat de Gespenster um grénge Stréch eraus, sou dass dir herno **3 eenzel Stécker** hutt.



Vum: Prof. Dr. Illu SIOUN
Uni Loossdechnettäuschen

Fir: _____

_____

D’personaliséiert Enveloppe fir all Schüler vun ärer Klass

Inhalt vun all Enveloppe

Zum Schluss kréien d’Kanner 2 Froe gestallt

D’Kanner sollen da wärend enger klenger Paus mat der Hëllef vun **Tuschbicker** an engem **wäisse Blat Pabeier** probéieren drop ze äntweren.

Hei zur Info fir Iech déi 2 Froen déi si gestallt kréien,
gitt des Froen awer w.e.g. net virum Workshop un d’Kanner weider. Wärend der Paus leeft e Film wou des Froen ëmmer nees fir d’Kanner widderholl ginn.